# Den LOQ mam LOD


3. Editioun: allkéiers 20 Sek. fir 12 Froen.

Donneschdeg, 16. Abrëll um 10 an um 16 Auer.



# Wat ass en LOQ?

- → LOQ = Live-Ortho-Quiz
- → Test Äert orthografescht Wëssen
- → Multiple-Choice-Froen
- → Spillt live géint aner Leit




# Wat ass den LOD?

- → Lëtzebuerger Online Dictionnaire
- → E Service vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)
- → Ze fannen ënner www.lod.lu

# Loscht op eng Testfro?

... a lass!

# Wat ass richteg geschriwwen?

Bleift doheem!

Bleiwd tohäm!

0

# Weider geet et mam Ortho-Quiz!

12 Froen. Allkéiers 20 Sekonnen Zäit.
Prett? Dann haalt Iech un!

# 1/12: Schéin, datt Dir nees derbäi ...




0

# sidd

- → De Vokal "i" ass kuerz, dofir muss méi wéi ee Konsonant hannendrukommen.
- → Sidd (nom däitsche "seid") kritt "dd" an ass eng Ausnam.
- → Déi aner Verbe kréien "tt": dir kritt, gesitt, et geschitt ...

# 2/12: "Hu Dir och Ouschtereeër gesicht?" Ass dës Fro orthografesch richteg geschriwwen?

Jo, si ass richteg geschriwwen.

Nee, si ass falsch geschriwwen.

0

# "Hu[tt] Dir och Ouschtereeër gesicht?"

→ D'Fro war falsch geschriwwen, bei "hu dir" huet "tt" gefeelt.

→ Et hëlleft, aus der Fro eng Ausso ze maachen: Dir hutt ...

→ Och wann een "Hutt Dir" ausschwätzt wéi "Huddir", "tt" bleift.

→ An "hutt" kritt "tt", dat ass keng Ausnam wéi "sidd".

# 3/12: De leschte Sonndeg war d'Eeërsiche méiglech, Familljefester awer net - wéinst deem ... Virus.

ondugene

ondurrene

onduchene

0

# ondugene Virus

- → "Ondugen" kritt e "g", et huet mat "Dugend" (Tugend) ze dinn.
- → De Buschtaf "g" ka ganz verschidden ausgeschwat ginn:
- → Gusti, Kugel, Spigel, Jugend ...

# 4/12: Hoffentlech kommen net nach méi där ...

| ✗ | ✗ | ✓ | ✓ |
| --- | --- | --- | --- |
| Viri | Vira | Viren | Virussen |

0

# "Viren" a "Virussen" si richteg

→ Virus huet am Lëtzebuergeschen zwee méiglech Pluralen.

→ "Viren" erënnert un den däitsche Plural.

→ "Virussen" un deen typesch lëtzebuergeschen, wéi:

→ Kaktus/Kaktussen, Oktopus/Oktopussen …

# 5/12: Dee Fatzbeidel mam flotten Numm Corona fillt sech virun allem op ... Plaze wuel.

fiichte ✓

viischte ✗

0

# fiichte

- → fiicht = däitsch "feucht", dofir mat "f" an "ch".
- → viischt = däitsch "vorder", dofir mat "v" an dann "sch".
- → Also: D'viischt Dier ass fiicht :-)

# 6/12: An der Zäit vum Confinement kann een doheem ganz vill raumen an ...

| tesselen | tässelen |
| --- | --- |
| ✗ | ✓ |

0

# tässelen

- → D'Verb huet mam franséischen "entasser" ze dinn.
- → Also och mam Wuert "tas" fir "Koup" oder fir "jett".
- → Dofir dann och am Lëtzebuergeschen "ä" an net "e".
- → Bei der Fro "a/ä" oder "e" hëlleft dacks d'Etymologie.

# 7/12: De Corona huet der Wirtschaft en zolitte Coup ginn. Sollt e rëmkommen, da sinn et no openeen zwee ... (Plural vu Coup)

Coupen ✗ | Coupën ✗ | Ci ✗ | Ki ✓

0

# Ki

- Dee richtege Plural vu "Coup" ass effektiv "Ki".
- Et kënnt wéi esou dacks zu engem Lautwiessel: u (ou) > i.
- Aus dem "C" gëtt "K", datt een net "Ci" wéi "Cinema" liest.
- Mat enger "Coupe" (Pokal) huet dat jo näischt ze dinn.

# 8/12: Den Impakt op d'Gesellschaft ass op alle Fall ...

- rieseg ✗
- riseg ✓
- riiseg ✗
- risech ✗
- riesesch ✗

0

# riseg

→ Vir "i", laang ausgeschwat, hannendru just 1 Konsonant ("s").

→ E laangen "i" am Lëtzebuergeschen ass "i" oder "ii", net "ie".

→ Hanne mat "g", de Schlusskonsonant ass wéi am Däitschen.

# 9/12: Wat an esou enger Situatioun den Entreprisen, awer och de Schafferten an de Fräiwëllege besonnesch gutt deet, dat si ...

- ✗ Kadoen
- ✓ Kaddoen
- ✓ Cadeauen
- ✗ Cadoen

0

# "Kaddoen" a "Cadeauen"

- → 1. Un dat franséischt Wuert kënnt de lëtz. Pluriel "-en".
- → 2. Mir verlëtzebuergeschen d'Wuert ...
- → ... a schreiwen et dann och no lëtzebuergesche Reegelen.
- → Also vir mat "K", dann "dd" (den "a" ass kuerz) an hannen "o" fir "eau".

# 10/12: D'Liewe muss jo weidergoen - am beschten ...

- ✗ figentzesch
- ✗ fijentzeg
- ✓ **vijenzeg**
- ✗ vichenzech

0

# vijenzeg

- → Vir mat "v", et huet jo mat "vir" (vor) an net "fir" (für) ze dinn.
- → An der Mëtt e "j" wéinst deem stëmmhafte Laut.
- → An hanne mat "-eg" (wéi och d'Adverb "hannerzeg").

# 11/12: Mir wënschen lech vun Häerzen, datt et lech ... geet.

✓ gutt

✗ gudd

0

# gutt

→ Mat "tt", well den däitsche Schlusskonsonant och "t" ass.
→ Beim Flektéiere kann aus "tt" awer "dd" ginn.
→ Dat geschitt, wann de Laut "mëll" gëtt: t > d.
→ Z. B. gudde Moien, gudden Appetit, awer: gutt gemaach.
→ Och: breet Strooss - breede Wee, rout Bréck - roude Ball.

# 12/12: Mir soen lech villmools ... a bis geschwënn!




0

# "Merci" a "merci"

- → Eng Partie Wierder kann ee grouss- oder klengschreiwen.
- → Zum Beispill: villmools Merci oder villmools merci.
- → Och: Moie soen / moie soen; Äddi soen / äddi soen.